

Numérisation – 11.07.2018

Hues du scho mol probéiert, dech ouni Google Maps an enger friemer Stad z'orientéieren, oder e komplizéierte Begrëff an enger Enzyklopädie nozeschloen amplaz et ze googelen?

Wann deng Äntwert nee ass, da bass du scho voll an der Digitaliséierung ukomm. Mee wat ass eigentlech genee mat deem Begrëff gemengt?

Déi eigentlech Digitaliséierung ass, wann een de Begrëff breet ausleet, d'allgemeng Transitioun vun analog zu digital. Dräi einfach Alldagsbeispiller dovun sinn:

- Digital Fotoen, déi um Computer verschafft ginn, amplaz vun analoge Fotoen, déi an Donkelkummenen entwéckelt ginn.
- E-Mailen, déi digital verschéckt ginn amplaz vu Bréiwer, déi op Pabeier geschriwwen a per Post verschéckt ginn.
- Computeren amplaz vu Schreifmaschinen.

Dës Beispiller leien an der Vergaangenheet, well se fir eis an eisem Alldag scho ganz normal sinn. Mee och an Zukunft wäert d'Digitaliséierung weidergoen, zum Beispill mat Autoen, déi selwer fueren, also dem sougenannten autonome Fueren. D'Digitaliséierung ass also e Prozess, deen nach net ofgeschloss ass.

Wann haut vun Digitaliséierung geschwat gëtt, da si meeschtens och déi Verännerunge gemengt, déi d'Digitaliséierung fir eis ganz Gesellschaft mat sech bréngt. D'Verhale vun de Mënsche gëtt och dovun beaflosst, dass eis Welt ëmmer méi digital a vernetzt gëtt, souwuel tëschent de Mënsche selwer wéi och tëschent de Mënschen an de neien digitalen Apparater. An der Wirtschaft entstinn nei Wirtschaftsmodeller wéi AirBnB oder Uber. Dëst si sougenannte Plattformen, déi verschidden nei Online-Servicer ubidden. Gläichzäiteg gëtt ëmmer méi Aarbecht vu Computeren iwweholl.

Och huet d'Digitaliséierung Konsequenze fir d'Aart a Weis, wéi mir matenee kommunizéieren, z.B. iwweh sozial Medien. Zousätzlech muss d'Bildung der neier Technologie Rechnung droen. Dëst sinn nëmmen e puer Beispiller. Du mierks, d'Digitaliséierung ass e komplizéiert Thema, well se quasi all d'Beräicher vum Liewe betrëfft.

Dës Evolutioun gefält net jidderengem. Et gëtt Enthusiasten, déi d'Digitaliséierung éischer als Chance gesinn a Skeptiker, déi di negativ Konsequenzen an de Virdergrond stellen. Dozou kënt nach de sougenannten *Digital Divide*, deen de Problem beschreift, dass aus verschiddene Grënn net jidderem d'selwecht gutt mat deenen neien Technologien eens gëtt an och net all Mënsch op der Welt deeselwechten Zougang dozou huet.

D'Digitaliséierung huet also ganz konkret Auswierkungen op eis Gesellschaft. Dës Konsequenze fannen ëmmer méi hire Wee an d'Politik, well se d'Liewe vun de Leit betreffen. Doropshi befaasst sech d'Politik mat de Chancen an de Konsequenze vun der Digitaliséierung, z.B.

POLITIKLEXIKON



zu Lëtzebuerg mat Initiativë wéi Digital Luxembourg, mam Zil d'Digitaliséierung ze begleeden an ze fërderen.